Déi Sue ginn net iwwerwise vun der Kommissioun op e Kont, mä et gëtt scho gekuckt, dass se nëmmen applizéiert ginn effektiv, wou Projeten dann och realiséiert ginn. All dat leeft mat der Türkei. An et leeft och, dass mer en matière judiciaire, en matière judiciaire virun allem, dass do aus de Préadhésiounsfonge ganz vill gemaach gëtt. Ech denken u par exemple Prisongen an aner Saachen, déi mat Mënscherechter och ze dinn hunn, déi domadder finanzéiert ginn.

Duerfir géif ech mengen, nach eng Kéier op Är Fro, dat eent ass e rationale Kritär, dat anert ass alles eng Ofmoossung, an och dee richtege Moment fannen, a vläicht nach ëmmer, vläicht - ech soen: „vläicht"! - d'Hoffnung hunn, dass awer den türkesche President… Well ech si mat allen d'accord heibannen, déi soen: „Hien eleng décidéiert"! Menger Meenung no lieft dee Mann oder déi Persoun och an enger Welt, déi total ofgeblockt ass, wou en net méi derduerchgesäit. Ech hunn dat och verstane vun där Visitt vu gëschter, wéi dat sech zougedroen huet.

A mir kennen dat, dee System: Wann een eng Stonn mat deene Leit schwätzt, da schwätze si 55 Minutten, wéi si d'Saache gesinn. Ech hunn dat elo 20-mol héieren, wéi si de Coup d'État an och d'Folgen dovunner gesinn. An et ass immens schwéier, nach en Dialog do hierzestellen.

Mä gleeft mer: Dat wat ech gesot hunn, dorunner gleewen ech, an ech net eleng. Dorunner gleewe praktesch all Ausseministeren aus der Europäescher Unioun. Déi gleewen drun, dass et e Feeler wier, dass et net intelligent wier, fir op d'Provokatioun eranzefalen an elo vun eiser Säit aus ofzebriechen. Dat wier net am Intérêt vun deene ville Leit an der Türkei, déi nach un eis gleewen!

C'est tout. Bon, ech weess, ech brauch fënnef Sätz, fir dat ze erklären. Wann ee seet: „Briecht of! Wat hu mir mat deenen ze dinn?", da brauch een nëmmen ee Saz. Mä gleeft mer, dat Falscht maachen, dat wier effektiv, dee Schratt do elo ze ënnerhuelen!

Souwisou an der Prozedur - dovunner hu mer nach net geschwat -, dat ass alles net esou einfach! Zum Beispill ofbriechen heescht, dass muss eng Initiativ komme vun der Kommissioun an dass mer Unanimitéit mussen hunn! Et war unanime, fir opzemaachen, an et muss Unanimitéit sinn, fir zouzemaachen. Duerfir, ech mengen, et ass illusoresch, fir dat… A wärend dat anert, och do bei der Suspensioun, also beim… Wéi nennt een dat?

Une voix.- Gel!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Beim Gel ass et esou, dass entweder een Drëttel vun den États membres e musse froen oder och op Initiativ vun der Kommissioun. An dann ass et eng Majorité qualifiée, déi muss domadder d'accord sinn.

Mä ech mengen - gleeft mer! -, mir hunn en anstännegen Débat hei gehat. Ech weess, dass dat, wat ech elo hei soen, net richteg eriwwer ka kommen. Ech weess dat, dass dat vill méi komplizéiert ass. Mä ech fannen awer als Mënsch an och als een, dee mengt, dass en awer e gewëssent Gefill huet fir dat, wat d'Leit an der Türkei vun eis erwaarden, dass et net dat Falscht ass.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun eisem Débat ukomm. Ech géif proposéieren, esou wéi dat d'Logik wëllt, dass mer dann d'Chronologie vun de Motiounen a Resolutioune respektéieren. Mir géifen also mat der Ofstëmmung iwwert déi Resolutioun ufänken, déi vun de Kolleege vun der Lénker abruecht an dunn an der Kommissioun diskutéiert ginn ass an zu engem Konsens gefouert huet, vum Här Angel presentéiert.

Sidd Der domat d'accord? Duerno géife mer iwwert d'Resolutioun, déi vum Här Mosar abruecht ginn ass, ofstëmmen an dann iwwert d'Motioun vum Här Kartheiser. Also, zweemol Resolutiounen an eng Kéier Motioun.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Vote sur la résolution de M. Marc Angel

Da géife mer mat der Ofstëmmung iwwert déi éischt Resolutioun ufänken. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

Déi Resolutioun ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vu dass d'Prioritéit net invoquéiert ginn ass, stëmme mer elo iwwert déi zweet Resolutioun of. Dat ass déi Resolutioun, déi vun der CSV abruecht ginn ass.

Vote sur la résolution de M. Laurent Mosar

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

23-mol Jo, 34-mol Neen an 3 Abstentiounen. Domat wär déi zweet Resolutioun ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi vun der ADR abruecht ginn ass, iwwergoen.

Vote sur la motion de M. Fernand Kartheiser

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

3-mol Jo a 57-mol Neen. Domat ass déi Motioun verworf.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ech soen Iech Merci och fir d'Aart a Weis, wéi déi wichteg Diskussioun hei an der Chamber gefouert ginn ass. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6881. Et handelt sech dobäi ëm eng Konventioun mat de Philippinen am Beräich vun der sozialer Sécherheet. An d'Rapportrice, d'Madamm Taina Bofferding, ass prett. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

8. 6881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République des Philippines, signée à Luxembourg le 15 mai 2015

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dës Konventioun ass e Projet, wéi mer der oft hei an der Chamber hunn, a ganz wichteg am Beräich vun der sozialer Sécherheet, fir déi sozial Rechter vun de schaffende Leit unzëerkennen.

Praktesch Relevanz hunn esou Ofkommesse beim Transfer vun de Rechter aus der gesetzlecher Pensiounsversécherung an awer och bei onerwaarte Faite wéi e Krankheetsfall oder bei Accidenter.

D'Ausriichtunge vun esou Konventiounen hunn e sozialen Aspekt, deen ënner anerem d'Pensiounsrechter vun de schaffende Leit regelt, a si hunn och en ekonomeschen Aspekt, woumadder d'Betriber Kloerheet kréien, wéi d'Cotisatioune geregelt sinn. Dat heiten ass déi éischt Konventioun, déi Lëtzebuerg mat de Philippinen ofschléisst. A si konnt och direkt no nëmmen enger Verhandlungsronn ënnerschriwwe ginn.

An der éischter Partie vun dëser Konventioun sinn déi generell Prinzipien opgefouert, wéi se bei deene meeschte bilaterale Konventiounen ze fanne sinn. De Champ d'application vun der Sécurité sociale viséiert ausschliisslech déi gesetzlech Renteversécherung wéi och d'Invaliden- an d'Hannerbliwwenerent. Virgesinn ass och d'Méiglechkeet fir déi philippinesch Pensionären, déi hei bei eis am Land wunnen, am Beräich vun der Maladie eng Assurance volontaire ofzeschléissen.

Fir de Rescht sinn ausgeschloss d'Assurance maladie an accident, d'Prestatiounen am Chômage an d'Familljeleeschtungen.

D'Konventioun baséiert op de generelle Prinzipien, déi an dësem Beräich gëllen, nëmlech der Égalité de traitement an der Exportatioun vun de Prestatiounen.

An der zweeter Partie vun dëser Konventioun geet et drëms ze regelen, wéi eng Legislatioun applikabel ass. Hei ass virgesinn, dass d'Travailleurs där Legislatioun vun deem Land ënnerworf sinn, wou si schaffen, d'Travailleurs détâchés där Legislatioun vum Pays d'origine, dat heescht, dass déi Legislatioun vun deem Land applikabel ass, wou si normalerweis hir berufflech Aktivitéit ausüben.

Weider ass virgesinn, dass den Détachement fir eng Period vu 60 Méint accordéiert ka ginn, mat der Méiglechkeet vun enger Verlängerung, falls gewëssen Ëmstänn dat verlaangen. Eng aner Derogatioun betrëfft d'Salariéë vun de Fluchtransportgesellschaften. Déi bleiwen där Legislatioun vun deem Land ënnerworf, an deem d'Entreprise hire Siège huet. An d'Séileit, déi ënnerleien der Legislatioun vun deem Land, wou se hire Wunnsëtz hunn.

Dës Optioun, déi d'OIT, d'Organisation internationale du travail, virschléit, ass d'Optioun, déi an deene leschte Joren ëmmer méi ugestrieft gëtt. Fir Lëtzebuerg ass dat heiten nëmlech och déi fënneft Konventioun, wou mir dëse Prinzip iwwerhuelen.

Am drëtten Deel ass preziséiert, dass d'Konventioun d'Totalisatioun vun den Assurancëjoren als Prinzip unerkennt. Dat gëllt och am Zesummenhang mat de Babyjoren, déi jo ugerechent ginn am Kader vun der Pensiounsversécherung, virausgesat, déi concernéiert Persoun war fir d'Lescht der Lëtzebuerger Pensiounsversécherung ënnerstallt.

De véierten Deel vun der Konventioun viséiert d'administrativ Arrangementer an den Échange vun den Informatiounen tëschent den Autoritéiten.

An de fënneften a leschten Deel regelt d'transitoire an d'final Dispositiounen.

Vum Conseil d'État koum - wéi ëmmer - d'Remarque, dass den Artikel 13, dee virgesäit, dass d'Partië kënnen Ausname maachen zu den Artikelen 9 bis 12, misst vum Parlament approuvéiert ginn. Wat déi administrativ Arrangementer betrëfft, déi am Artikel 21 festgeluecht sinn, fënnt de Conseil d'État, dass eng Publikatioun am Mémorial géif duergoen, esou wéi dat och schonns bei deene verschiddene fréiere Konventiounen de Fall ass.

Dëst ganz kuerz zu mengem mëndleche Rapport. De genaue legislative Verlaf kënnt Der am schréftleche Rapport noliesen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, ginn domadder och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun an invitéieren déi aner Fraktiounen, sech eis unzeschléissen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Bofferding.

Just eng Prezisioun, well den Här Mosar mech drop opmierksam gemaach huet, dass d'Auer net ze gesinn ass. Dir hutt wuel eng Zäitangab, awer net op deem grousse Schierm, mä ënnen. Dofir, autant pour moi, mä da wësst Der Bescheed, dass net um Tableau vir, mä ënnen d'Zäitangab ass. Dee gëtt deemnächst ersat, dee war en panne gefall. Merci.

Da Wuertmeldungen? Den Här Félix Eischen.

Discussion générale

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll der Madamm Bofferding Merci soe fir hire Rapport. Dee war gutt. Dee war komplett. An ech kommen der Invitatioun gär no, fir deem zouzestëmmen, a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Soss nach Wuertmeldungen? Den Här Mertes.

M. Edy Mertens *(DP).*- Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Entschëllegt, ech hunn den „n" geschléckt. Dir kritt en erëm.

M. Edy Mertens *(DP).*- Eng Kéier den „s", eng Kéier den „n".

(Hilarité)

Ech wéilt der Madamm Taina Bofferding villmools Merci soe fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn och domat d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech wëll och villmools Merci soe fir d'Explikatiounen an der Kommissioun vum zoustännege Beamten aus der Administratioun, déi wéi ëmmer ganz komplett woren. Ech mengen, deem ass näischt hinzouzefügen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mertens. An den Här Gérard Anzia huet d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech géif der Invitatioun, wa se esou léif formuléiert ass, do och dann nokommen an den Accord gi vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. A Merci fir deen ausféierleche Rapport.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Accord vun der ADR hunn ech matgedeelt kritt. Soss keng Wuertmeldungen?

Ech kréien och dee vun déi Lénk duerch en Zeeche vum Här Baum. Dann, wann nach eppes dozou ze soen ass, huet selbstverständlech de Sozialminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Bon, ech mengen, ech géif mech och deem uschléissen a virun allem Merci soen der Rapportrice fir dee flotte Rapport a virun allem och fir déi Aarbecht, déi an der Kommissioun geleescht gouf. Well, esou wéi ech effektiv vu mengem Beamten héieren hunn, deen an der Kommissioun selwer war, mengen ech, ass e wäit iwwert dës Konventioun erausgaangen. En huet emol eng Kéier de Fong vun de Konventiounen erkläert, wat och wichteg ass heiansdo ze rappeléieren, wéi wichteg datt esou Konventiounen am Beräich vun der Sécurité sociale sinn, fir an deenen eenzelne Beräicher effektiv och d'Salariéen an d'Bierger vun deenen eenzelne Länner ofzesécheren.

An deem Sënn hei, wann, esou wéi ech héieren hunn, jiddwereen d'accord ass mat dëser flotter Konventioun tëschent de Philippinen a Lëtzebuerg, mengen ech, hu mer eng weider Konventioun, déi mer ofschléissen an domat Lëtzebuerg op dem internationalen Niveau am Beräich vun der Sécurité sociale virubréngen.

Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Sozialminister. An da steet näischt

méi am Wee, dass mer déi flott Konventioun dann och stëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6881 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Participatiounen, 58-mol Jo. Domat ass d'Konventioun eestëmmeg ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6881 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Alex Bodry), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6979. Et handelt sech ëm de Projet, dee weider sozial Mesurë fir professionell Artiste betrëfft. An d'Wuert huet elo direkt déiselwecht Madamm Rapportrice wéi virdrun, d'Madamm Taina Bofferding.

9. 6979 - Projet de loi portant modification

I. de la loi du 19 décembre 2014 relative 1. aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2. à la promotion de la création artistique, et

II. du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem heite Gesetz gi mir den Intermittents du spectacle, also den Deelzäitbeschäftegten an der Lëtzebuerger Kulturzeen, méi Sécherheeten, dat doduerch, dass mer verhënneren, dass si iwwer eng onlimitéiert Zäit vun engem CDD an deen nächste wiesselen, an doduerch, dass mer hinnen d'Recht op sozial Mesurë garantéieren.

Fir dëst Gesetz auszeschaffen, hat de Ministère am Virfeld Leit um Terrain consultéiert. Niewent der Travailskommissioun huet sech och d'Kulturkommissioun hei aus der Chamber mam Dossier beschäftegt. Eis ass et drëms gaangen, eng beschtméiglech Äntwert ze fannen, fir op där enger Säit dem Besoin u Flexibilitéit, deen an dëse Beruffer nun eemol üüblech ass, Rechnung ze droen, an op där anerer Säit ze verhënneren, dass déi Leit der Prekaritéit ausgesat sinn.

D'Beruffsgrupp vun de Kulturschaffenden zeechent sech duerch Fräiheet, Selbstständegkeet an Individualitéit aus, verbonnen awer oft mat enger gewëssener Onsécherheet an oft gerénge Verdéngschtaussiichten. Flexibel Beschäftegungsforme si fir vill Kënschtler per se net als negativ ze bewäerten. D'Konsequenze vun der zouhuelender Flexibilitéit dergéint kënnen awer duerchaus als problematesch erlieft ginn, besonnesch dann, wann ee Moment keng Opträg ustinn. An dofir ginn et jo déi sozial Mesuren, fir deene Leit besonnesch ënnert d'Äerm ze gräifen, déi ee Moment net esou gutt - finanziell gesinn - iwwert d'Ronne kommen.

Virun zwee Joer hate mer jo och schonn heibannen am Haus e Gesetz gestëmmt, fir d'Konditiounen ze verbesseren a méi en einfachen a gerechten Accès op déi sozial Protektioun fir déi Kulturschaffend ze garantéieren, baséierend op dem Gesetz vun '99. Sou gouf ënner anerem agefouert, dass et duergeet, dass ee sechs Méint sozialverséchert ass, d'Wunnkonditioun hu mer opgehuewen an et muss een en Engagement an der nationaler Kënschtlerzeen opweisen, fir kënnen en Urecht op déi sozial Mesuren ze kréien.

Mat dësem Projet de loi elo wëlle mer Modifikatiounen am Gesetz iwwert déi sozial Mesuren, verbonne mat Änderungen am Code du travail, virhuelen. D'Zilsetzung ass eng méi prezis Definitioun vun den Intermittenten an eng Limitatioun vun der maximaler Dauer vun den CDDen, déi si kënnen ofschléissen.

Firwat mer dës Änderungen och musse maachen, geet op en Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff zréck. A sengem Geriichtsuerteel gouf festgehalen, dass eng onlimitéiert successiv Erneierung vun CDDe bei den Intermittenten net justifiéiert ass. Net objektiv genuch erkläert ass, firwat esou permanent Erneierunge vu befristeten Aarbechtskontrakter erlaabt solle sinn. Den Droit commun a Saachen CDD, wéi en am Aarbechtsrecht festgeschriwwen ass, hält fest, dass en CDD maximal zweemol däerf erneiert ginn. D'Durée vun engem CDD fir deeselwechte Salarié däerf insgesamt net iwwer 24 Méint erausgoen, d'Erneierung vum Kontrakt mat abegraff.

Fir d'Intermittenten allerdéngs gëtt et eng Ausnam par rapport zu deene virgenannten Dispositiounen. Hir befristet Aarbechtskontrakter dierfe méi wéi zweemol erneiert ginn, och wann et iwwert déi 24 Méint erausgeet, ouni dass dann den CDD muss an en CDI ëmgewandelt ginn. D'Begrënnung ass, dass d'Intermittenten un individuelle Projete schaffen, déi nun eemol an der Zäit begrenzt sinn.

D'EU-Kommissioun gesäit dat awer liicht anescht. Hir ass d'Definitioun en Dar am A. Déi ass hir net kloer genuch. An dowéinst musse mir eis Legislatioun elo upassen.

Mam Projet de loi ass virgesinn, dass d'Intermittenten nach ëmmer iwwer CDD kënnen agestallt ginn, awer mat der Änderung, dass och hei déi Zäitspan vu 24 Méint muss respektéiert ginn, a mat der Änderung, dass an Zukunft deeselwechten CDD awer méi wéi zweemol däerf erneiert ginn. Mat deem Gesetz gëtt also och versicht, d'Gefor vum Recours abusif, duerch eng successiv Erneierung vun CDDen, wäitméiglechst ze ënnerbannen.

Här President, dass eng Partie Artisten an Intermittentë mussen eng zweet Aktivitéit niewent hirer kënschtlerescher Aktivitéit ausüben, ass bal evident. Allerdéngs huet sech hei d'Fro gestallt, wéi d'Konditioune si fir en Intermittent, fir dierfen eng Activité secondaire auszeüben, respektiv wéi een Impakt déi op d'Gesamtbeschäftegungssituatioun vun den Intermittenten dierf hunn. D'Definitioun vun der Activité secondaire vun den Intermittentë gouf deemools zesumme mat där vun den Artisten agefouert. Allerdéngs war déi vun den Intermittenten net wierklech reglementéiert. Déi zoustänneg Commission consultative, déi mam Gesetz virun zwee Joer geschafe gouf, hat Problemer, a verschiddene Fäll eng Activité secondaire ze erfaassen.

D'Kulturkommissioun weist dofir an hirem Avis drop hin, dass de Commentaire des articles méi prezis misst sinn, wat de Calcul, also d'Erfaassung vun der zweeter Aktivitéit betrëfft. Et geet hei ëm déi 80 Deeg, déi iwwer eng Period vun 365 Deeg gekuckt ginn. Et muss also kloer sinn, dass en Intermittent säi Statut ka behalen an domadder och d'Recht op déi sozial Mesurë kritt, wa seng Beschäftegung als Intermittent déi vun der Activité secondaire priméiert. Dat heescht, déi net artistesch Aktivitéit däerf net méi Deeg an Usproch huele wéi déi als Intermittent. An effektiv muss een agestoen, dass de Commentaire des articles hei irreführend ass, wou eng Activité secondaire als ganzen Dag ugerechent géif ginn, egal wéi vill Stonnen déi am Endeffekt eigentlech ausmécht.

Dorauser ergëtt sech also, dass elo d'Commission consultative cas par cas d'Activité principale an d'Activité secondaire analyséiert. Dat heescht, wann zum Beispill déi zwou Aktivitéiten deeselwechten Dag stattfannen, ass et un der zoustänneger Kommissioun ze préiwen, wéi eng Aktivitéit dann elo priméiert. Domadder ass hinnen dann och eng gewësse Flexibilitéit ginn, fir den Intermittenten do gerecht ze ginn.

Déi Prezisiounen dozou sinn op Wonsch vun de Membere vun deenen zoustännege Chambersskommissiounen a mengem schréftleche Rapport opgefouert, fir dee Punkt nach eng Kéier genau ze erklären. Weider a mengem Rapport sinn och de genaue legislative Verlaf zesumme mat deenen eenzelnen Avisen zu dësem Projet de loi beschriwwen.

Op dëser Plaz wëll ech dann och nach ganz besonnesch zwou Damme Merci soe fir hir Mataarbecht, der Madamm Entringer an der Madamm Sonnetti, an natierlech och nach deenen anere Memberen aus deenen zwou Kommissiounen an de Leit vum Ministère, déi mat um Dossier geschafft hunn.

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, dass et hei am Land ongefëier 13.000 Kulturschaffend ginn. An déi maache 5,2% vun der Beschäftegung aus. D'Kultur ass e Fundament, op deem eis Gesellschaft steet an op deem si baut. D'Kultur gëtt d'Geleeënheet fir eng Gesellschaft, fir sech mat sech selwer, mat hire Valeuren a Widdersprëch auserneenzesetzen, sech kritesch ze reflektéieren a sech ze entwéckelen. Dofir ass et wichteg, dass mer Konditioune schafen, fir dass d'Kultur an déi Kulturschaffend kënnen onofhängeg a kritesch schaffen. Si waren a si sinn oft déi Éischt, déi géint de Stroum schwammen, déi onbequem a kritesch sinn an deemno och eng Gesellschaft virubréngen. D'Kultur ass derniewent e wichtege Facteur vun der Imageentwécklung vun eisem Land.

An elo an der Diskussioun, oder soll ech soen an där grousser Zukunftsdebatt, déi mer féieren, wëll ech nach drun erënneren, dass d'Kultur an d'Kreativwirtschaft eng Branche sinn, déi wiisst an domadder och gutt Chancë bitt, fir wirtschaftleche Wuesstum, Innovatioun a weider Aarbechtsplazen ze schafen. An dëst gëllt et ze sécheren an ze stäerken, d'Kreativitéit vun de Kulturschaffenden ze férderen a si, wann et dann erwënscht ass, och sozial ze encadréieren.

Dëst gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou vill zu mengem mëndleche Rapport. Ech ginn direkt dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Wilmes, dee scho prett ass.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Merci, Här President. Merci villmools der Rapportrice, déi, wéi ech fonnt hunn, e ganz gudde Rapport gemaach huet. En ass ganz komplett gewiescht. Si huet u sech am Detail erkläert, ëm wat et hei geet, wat u sech eis géif erspueren, fir nach villes hei driwwer ze soen. Ech hunn och net wëlles, elo laang driwwer ze schwätzen, mä ech mengen awer, datt dëse Projet de loi, an dat huet d'Rapportrice hei kloer duergestallt, e gutt Beispill ass, wéi ee muss heiansdo och als Législateur natierlech probéieren, e Mëttelwee ze fannen, e Spagat ze fannen.

Op där enger Säit hu mer jo u sech en Aarbechtsrecht, wat ganz strikt ass, wou mer d'Regel, d'Philosophie hunn, datt d'CDIe solle jo dat sinn, wat d'Regel soll sinn. Mä op där anerer Säit hu mer awer Beräicher, wéi d'Rapportrice et duergestallt huet, mat enger gewëssener Flexibilitéit oder Fräiheet, wéi se dat och ausgedréckt huet, a wou d'Natur vun der Aktivitéit awer nun eemol net direkt dat ka viraussetzen, eng fest Ustellung ka viraussetzen. An dofir muss een do kucken, eppes ze fannen, wat deenen zwee Aspekter gerecht gëtt.

Dat ass och dunn '99 de Fall gewiescht, wéi hei d'Debatten an der Chamber waren, déi éischte Kéier wou esou e Gesetzesprojet diskutéiert an och een ugeholl ginn ass vun den Artistes indépendants a vun den Intermittenten.

Et ass och interessant, déi Diskussiounen nach eng Kéier nozeliesen, déi déizäit waren, well dat war net esou evident. Do sinn d'Meenungen och wäit auserneegaangen. Op där enger Säit war eben de Wëlle vun där deemoleger Kulturministesch, dem Erna Hennicot-Schoepges, fir ze soen, mir misste kucken, e Mëttelwee, e Kompromëss ze fannen, fir awer eng gewësse sozial Sécherheet deene Leit och kënnen ze ginn, ouni awer hir Fräiheet an d'Natur vun der Aarbecht, déi se maachen, ze verkennen. Op där anerer Säit sinn och Argumenter komm, déi gefaart hunn, do kéint eng gewëssen Zort Statskënschtler domadder geschafe gi respektiv dat kéint zur Mëttelméissegkeet féieren an der Kënschtlerzeen.

(Madame Simone Beissel prend la présidence.)

Also et war net evident, fir deemools sech do eens ze ginn. Et ass sech dunn awer am Endeffekt op e Gesetzestext gëeenegt ginn an deen ass awer ugepasst ginn iwwer all déi Joren, well et e ganz spezifeschen Domän ass, deen déi mannste vun eis och wierklech um Terrain jo kennen. Et ginn awer Kolleegen heibannen, déi dat maachen an déi sécherlech och wäerten do nach kënne méi dozou soe wéi mir. Mä vum rechtleche Standpunkt aus sinn natierlech erëm eng Partie Froen am Laf vun der Zäit derbäikomm, Prezisiounen.

Elo huet hei d'EU-Kommissioun sech där Fro saiséiert, well se strikt wollt kucken, wéi et ass mat den CDIen, a fonnt huet, datt hei e gewëssenen Abus kéint geschéien an deem heite Beräich; wat op där enger Säit komesch ass. An do fannen ech schonn, datt d'Remarque oder den Interview, deen den Här Aarbechtsminister ginn hat no dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff, interessant war, wou e fonnt hat, op där enger Säit géif d'EU-Kommissioun dacks derfir plädéieren, d'Aarbechtsrecht misst an Europa méi flexibiliséiert ginn, an op där anerer Säit, wann een awer emol e Beräich hätt, wou u sech Flexibilitéit awer verlaangt wier, well dat d'Natur ass - ouni elo natierlech do all d'Sozialrechter iwwer Bord ze geheien -, da géif do vläicht e Risk bestoen an hiren Ae vun Abusen.

Bon, den Europäesche Geriichtshaff, mengen ech, huet sech reng rechtlech ausgeschwat, well e sech gestouss huet un der Definitioun vun dem Intermittent, déi méi misst prezisiéiert ginn, déi soss kéint a sengen Aen dozou féieren, datt een déi Leit kéint méi abusiv astellen.

Ech mengen, datt elo awer déi Léisung no deenen Diskussiounen an de Kommissiounen, déi mer haten, déi um Dësch läit, eng gutt Léisung ass. Mir ënnerstëtzen se op jidde Fall. Ech ginn och domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Wilmes. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler *(DP).*- Madamm Presidentin, villmools Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat versteet een ënner „intermittents du spectacle"? Et ass jo virdrun ugeklongen, a wat fir enge Beräicher se täteg sinn. Et sinn effektiv dës Leit, déi am Beräich vun der Kultur täteg sinn an ëmmer nëmme fir kuerz a ganz begrenzten Zäit an en Aarbechtsverhältnis erakommen, well se vu Produktiounen ofhängeg sinn, wärend deenen hir Aarbecht nëmme fir eng limitéiert Dauer gebraucht gëtt.

Beispiller vun esou Realisatioune sinn Theaterstécker, Filmer, Danzopféierungen, Concerten, literaresch oder kënschtleresch Expositiounen. Betraff kënne si souwuel Akteuren, Museker, Auteuren, awer och zum Beispill Bünentechniker, a loosse mer och d'Maquilleusen net vergiessen.

Och zu Lëtzebuerg gëtt et eng Partie Leit, déi ënnert dem Statut vum Intermittent du spectacle schaffen. Et ass also net vu Muttwëll, wa mer elo dëse Projet de loi haut stëmmen, well mer heimat de betraffene Leit hir aarbechtsrechtlech Situatioun verbesseren. Effektiv ass et elo kloer, wat bis elo net de Fall war, datt den CDD fir dës Persounen onbegrenzt erneiert ka ginn, à condition datt déi maximal Gesamtdauer sech op en Zäitraum vu 24 Méint beleeft.

Erlaabt mer, der Rapportrice Taina Bofferding Merci ze soe fir hiren exzellente Rapport. Si ass hei wierklech op all klitzeklengen Detail agaangen, wéi sech dat och geféiert. Am Numm vu menger Fraktioun begréissen ech, datt mat dësem Projet de loi dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vum 26. Februar 2015 Rechnung gedroe gëtt an d'Konformitéit vun eiser Gesetzgebung am Beräich vun den zäitlech limitéierten Aarbechtsverträg fir sougenannten Intermittents du spectacle mam europäesche Recht erëm hiergestallt gëtt.

D'Rapportrice huet dat, wéi gesot, inhaltlech ganz detailléiert behandelt. Ech wéilt awer nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir der zoustänneger Aarbechtskommissioun am Numm vun der Kulturkommissioun Merci ze soen, datt d'Kulturkommissioun - déi ech jo d'Éier hunn, dierfen ze presidéieren - an dësem dach fir de Kultursecteur a fir déi concernéiert Leit wichtegen Dossier ëm hir Meenung gefrot gouf an en Avis huet dierfe verfaassen.

Ech ginn dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wäert mech hei ganz kuerz faassen. Bei dësem Projet de loi, deen ëm d'Intermittents du spectacle geet, also déi Kulturschaffend hei zu Lëtzebuerg, ass et jo drëm gaangen, eng Mise en conformité ze maachen no engem Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff. An d'Detailer, déi sinn alleguerte schonn hei vu menger Virriednerin, der Rapportrice, genannt ginn. Hir e grousse Merci u sech fir deen detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport.

Wat awer extra ass un dësem Projet de loi, dat ass, dass awer am Virfeld op Initiativ vun dem Kulturminister - Kulturministesch zu deem Moment - an dem Aarbechtsminister am Kulturministère u sech déi concernéiert Leit zesummegeruff gi sinn. Déi Leit, déi si gelauschtert ginn, et ass op deenen hir Besoinen agaange ginn. An duerno sinn déi Iwwerleeungen och an dëse Projet de loi afléisse gelooss ginn.